

n° 3866

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

RECU
Par Airt Christian, 14-45, 16/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden:

„Mir ass dëse Weekend vu besuergte Leit matgedeelt ginn, datt op der N7 tëscht dem Rond-Point Fridhaff an dem Rond-Point Housen ëmmer méi gerannt gëtt, sou datt et dacks zu ganz geféierleche Manöveren duerch eng vill ze héich Vitess kënn – virun allem an den Owesstonnen, wa vill Camionnette Richtung belsch Grenz heem fueren.

Fir sou risikoräich Bewegungen ze vermeiden, schéngen och déi fix Radaren näischt ze déngen, well jo bekannt ass, wou dës installéiert sinn.

An deem Kader géif ech dem Här Policeminister an dem Här Mobilitéitsminister gäre folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister bereet fir d’Kontrollen op dësem Deel vun der N7 zu de bekannte Stonnen ze verstärken?*
- Wéi vill Accidenter goufen zanter Mäerz 2016 op der N7 tëscht Dikrech an der Schmëdd gezielt? Wat waren dat fir Accidenter?*
- Ass den Här Minister gewëllt, fir d’Automobilisten op dëser Strooss duerch gezielt Aktiounen oder spezifesch Panneauen ze sensibiliséieren, se sou op Geforen opmierksam ze maachen a se dozou ze féieren, déi virgeschriwwe Maximalvitess ze respektéieren?“*



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro
weiderleet a gréissen Iech héiflech.

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3866 du 16.03.2021 de Monsieur le Député André Bauler -
Contrôles de la vitesse sur la N7

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés